



Här Chris BERNARD  
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz :2024.60623.SECR

Péiteng, den 15. Abrëll 2024

**Betreff: Är Froe vum 15. Mäerz 2024**

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Här Christophe Ferreira -Tel. : 50 12 51 – 3053)

Här Chris Bernard,

An ärem Bréif vum 12. Mäerz 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 15.Mäerz 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Dës Froestellungen un de Schäfferot si motivéiert op Grond der Tatsaach, dat resultéierend Äntwert vum Schäfferot zum Thema "Modification du règlement général de la circulation" zu Péiteng, net am Konsens vum Aktionismus steet.*

*Mir Piraten haten den 31.12.2023 folgend Fro un den Schäfferot geriicht:*

*Fro: Zitt de Gemengerot an Erwägung, d'Digitalparkueren op aner Stroossen ze erweideren, wou bis elo mat Parkscheiwen ka geparkt ginn?*

*Äntwert, op des Fro vum 30.01.2024: Zitat: "Momentan ass dëst nach net virgesinn".*

*An der Gemengerotssëtzung war allerdengs de Punkt 9 vum Ordre du Jour (26.02.2024)(modification du règlement général de la circulation- décision), krute mir een Aide Memoire virgeluecht, welches ee komplett néi ausgeschafte Parkingsystem fir Péiteng virgesinn huet.*

*Déi entspreichend Verkéierskommissioun huet dësen ausgeschafte Parkingsystem scho Mëtt Februar präsentéiert krut, also +/- 2 Wochen no der offizieller Äntwert vum Schäfferot un d'Piraten, den 30.01.2024, op Ännerunge virgesi sinn!*

*Op Nofro an der Gemengenrotssëtzung vum 26.02.2024, krut den Här Bernard (den leider net ze heieren war) als Reaktioun vum zoustännegen Schäfte, dat et een Malentendu war oder schlecht ausgedreckt ginn ass säitens vum responsabelen Schäfte oder awer dat den Här Bernard et "schlecht verstanen" huet.*

*Zousätzlëch ass virum offizielle Vote des Azsso vum Schäfte vun dëser Sëtzung gemaach ginn: "dëst ass esou virgesinn an approvériert ginn vum Gemengerot"!*



An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

1. A wéi enger Gemengerotssëtzung ass Thematik vun der Modifikatioun vun der Circulatioun schonns ugeschwat ginn, déi eng Decisioun (mat Vote) vun den digitale Parkueren zu Péiteng betrëfft?

- mam Vermierk, dat d'Konzept vun den digitale Parkueren am Budgetsrapport 27.11.2023 präsentéiert gouf.

2. War d'Gemengerotssëtzung vum 26.02.2024, déi eenzeg Sëtzung, wou eng Decisioun via Vote geholl ginn ass, déi Modifikatioun vum Parkingssystem zu Péiteng betrëfft?

Mat Respekt,  
Chris Bernard  
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Bernard,

1. A folgende Sëtzunge vum Gemengerot gouf d'Thematik vun der Modifikatioun vun der Circulatioun beschwat:

- 14. Dezember 2018
- 18. Dezember 2020
- 16. Dezember 2022
- 15. Dezember 2023

Des weideren deele mir lech mat datt den éischten Horodateur am Abrëll 2019 installéiert gouf.

2. Nee dëst war net déi eenzeg Sëtzung.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,